# Allgemeng Participatiouns Bedingungen

## 1. Geltungsberäich

Dës Allgemeng Participatiouns Bedingungen (APB) gëlle fir all Event mat obligatorescher Umeldung, organiséiert vun de Lëtzebuerger Studenten Zürech asbl (LSZ), ausser explizitt anescht uginn. Den Zürcher Bal, organiséiert vum LSZ, fält explizitt net ënnert dës Konditiounen.
Ënnert dës Konditioune fält all Persoun déi d'APB wärend senger Umeldung akzeptéiert.

## 2. Umeldung

All Event dat ënnert d'Konditioune vun den APB fält, gëtt virun der Umelldungsperiod per Mail an iwwert déi intern Facebook-Grupp vum LSZ annoncéiert a presentéiert. An dësen Informatioune steet och de Start vun den Umeldungen, a wann disponibel, och de finalen Umeldungspräis. D'Umeldung fënnt exklusiv iwwert den Internetsite vum LSZ, lsz.lu, statt. Bei verschidden Events gëtt och en obligatoresche Benotzerkonto virausgesat.

No enger erfollegräicher Transmissioun vun den Donnéeën, kritt de Benotzer eng automatesch Email vum System. Dono gëtt no folgendem Prioritéitsprinzip decidéiert op d'Umeldung validéiert oder op d'Waardelëscht gesat gëtt.

Priotitéiten:

1. Comitésmemberen vum LSZ (inclus Coopté(e)s)
2. Aktiv Memberen (voir Statuten vum LSZ) déi um Zürcher Bal den Owend selwer 3 Schichten geschafft hunn
3. Aktiv Memberen (voir Statuten vum LSZ) déi um Zürcher Bal geschafft hunn, prioriséiert no der Unzuel un geschaffte Schichten (Op- oder Ofriichten oder den Owend selwer)
4. Aktiv Memberen (voir Statuten vum LSZ)
5. Passiv Memberen (voir Statuten vum LSZ)
6. Externer

NB: Als Zürcher Bal gëtt den läschten vum LSZ organiséierten Zürcher Bal considéréiert.

Innerhalb vun all uewengenannter Katégorie, gëllt den System "first come-first served".

An engem raisonnabelen Délais nom Schluss vun der Umellungsphase (Zäitraum tëscht Start an Schluss vun der Umeldung, am viraus kommunizéiert), ginn d'Unmellunge sortéiert an all Persoun informéiert op hier Umeldung validéiert oder op d'Waardelëscht gesat ginn ass.

Umeldungen déi no der Umeldungsphase dem Comité (per Email un comite@lsz.lu) oder den Organisatoren vum Event matgedeelt ginn, ginn automatesch hannen un d'Waardeléscht gesat. An deem Fall gëllt den uewegenannte Prioritéitsprinzip net.

# 3. Ofmeldung

Ofmeldunge ouni Zousatzkäschten si grondsätzlech nëmme wärend der Umeldungsphase méiglech, also bis zum Schluss vun den Unmellungen um Internetsite. Ass dëst net de Fall muss d'Persoun déi sech ugemellt huet all verursaacht Fixkäschten droen, déi bis zum Zäitpunkt vum Eventufank ugefall sinn. Dëst kann dobäi awer net d'Participatiounskäschten (sou wéi wärend der Umeldung op der Website annoncéiert) iwwerschreiden. Beispill: Persoun A bezillt eng Participatioun vun 100€ fir mat op d'Clubrees (2 Nuechten) an mellt sech last minute of. De Comité huet bis zu dem Zäitpunkt den Hostel (35€ / Nuecht / Persoun) an den Transport (10€ / Persoun) bezuelt. D'Käschten, déi op d'Persoun A zeréckfaalen berechnen sech dann: 2*35 + 10 = 80€. An anere Wieder ginn vun den bezuelten 100€ Participatiounskäschten nemmen 20€ vum LSZ un d'Persoun A zeréckerstatt.

Ausname vun dëser Reegelung sinn:

1. Force Majeure (am Fall wou et onméiglech, illegal, oder gesondheetsschiedlech wier um Event deelzehuelen)
2. Et ginn nach Umeldungen op der Waardeléscht déi (no Confirmatioun) d'Platz iwwerhuelen
3. Et gëtt eng aner Persoun fonnt déi d'Platz iwwerhuelen kann (no Ofsprooch mat den Organisateuren)

Grondsätzlech muss all Ofmeldung esou séier wéi méiglech dem Comité per Mail (comite@lsz.lu) oder der Organisatioun vum Event schrëftlech matgedeelt ginn.

# 4. Bezuelung

No erfollegräicher Validatioun vun der Umeldung mussen d'Käschten (falls net anescht präziséiert) déi bei der Validatioun stoungen, zäitno beglach ginn. Dëst ka per Iwwerweisung op de Konto vum LSZ (präziséiert an der Validatioun), per Digicash (präziséiert) oder Bor bei der Organisatioun oder der Tresorerie gemaach ginn. Dës Käschte musse spéitstens virum Start vum Event beglach sinn.

# 5. Hausrecht

Fir all Event dat ënnert dës APB fält gëllt d'Hausrecht vum LSZ. Et gëtt sech vum Comité oder der Organisatioun d'Recht virbehalen, Persoune bei falscher Angab vun Donnéeën oder net-Befollege vun Instruktioune vum Event ze verweisen, ouni Recht op Remboursement vun den Umeldungskäschten.